

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här Clement, den Här Keup an dann den Här Spautz. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. U sech ass déi Resolutioun eng Selbstverständlechkeet, datt mer deene Leit, déi sech engagéieren, Merci soen, datt mer hinnen eis Gratitude ausdrécken. An aleng schonn dowéinsten ass et, mengen ech, ganz normal, datt mer déi heiten herno mat enger breeder an hoffentlech vläicht och enger unanimier Majoritéit kënne stëmmen.

Ech wollt vläicht nach ee Punkt ervirgräifen, dee mer awer besonnesch wichteg schéngt. Dat ass de „soutien financier propice au développement et à l'épanouissement des ONG“. Mir schwätze vill dovunner, datt mer immens vill maachen. An de Premier huet et virdu gesot: Mir maache méi wéi ganz vill aner Länner, andeem mer soen: „Et ass 1 % vum RNB.“ Mee leider doduerjer, datt mer den RNB oder deen 1 % vum RNB als Miesslat huelen, heescht dat och heiansdo, wann den RNB erofgeet oder net esou séier wisst, wéi mer dat geplangt hunn, datt et dann um Enn vum Joer nach op eemol manner Geld gëtt an datt dat eeben och heiansdo zu Plangungssecherheete féiert.

Dofir wär et vläicht gutt, sech hei nach eng Kéier Gedanken ze maachen, wéi een déi Schwankunge vläicht kéint neutraliséieren an och generell méi Plangungssecherheet um finanzielle Plang schafen, well et kouw awer am Secteur vun den ONGen, haapt-sächlech wann et ëm den Enseignement au développement geet, an deene leschte Wochen a Méint dach zu staarken Irritatiounen iwwer hir Plangungssecherheeten. An ech wär frou, wann dat an Zukunft kéint verhënnert ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här Keup.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Et ass esou, dass effektiv eng ganz Partie Organisatiounen duerch déi Affär Caritas och an d'Laberente komm sinn, déi se guer net selwer verschëlt hunn, well d'Leit zum Beispill zécke fir ze spenden. Ech mengen, et ass kloer, dass dat net gutt ass an dass ee scho soll d'Leit encouragéieren, weiderhin Organisatiounen, déi sech sozial staark asetzen, ze ënnerstëtzen. An duerfir wäerte mer dat heiten och matdroen.

Ech muss awer trotzdem nach eng kleng Remark maachen zu deem Ganzen. Dat sinn ëmmer déi Terme „Société civile“, „Zivilgesellschaft“ an och „ONGen“. Ech wëll emol einfach soen: „Zivilgesellschaft“ ass e Wuert, dat mer nach net esou laang benotzt hunn. Dat ass en zimmlech neimoudesch Wuert, a wéi ech dat fir d'éischt héieren hunn – et muss esou ongeféier zéng Joer hier sinn, méi laang ass dat net hier –, do hunn ech mech gefrot: „Ass dat Gesellschaft? Sinn dat d'Awunner? Wien ass dat iwwerhaupt, d'Zivilgesellschaft?“ Et ass en Term, deen net kloer seet, wat et am Fong ass.

An ech hunn eng schlecht Erfahrung an ech mengen, ganz vill Leit hei am Land hunn eng schlecht Erfahrung gemaach, an dat war am Referendum 2015, wou ëmmer gesot ginn ass: „D'Zivilgesellschaft ass geschlosse fir de Jo zum Ausländerwalrecht“, an duerno war d'Bevëlkerung awer zu 80 % dergéint. An do huet ee gesinn, dass ganz oft – o, net ganz oft, mee soe mer regelméisseg – déi sougenannten „Zivilgesellschaft“ eng ganz aner Meenung vertritt wéi d'Bevëlkerung. An ech wëll awer och trotzdem soen: D'Demokratie, dat sinn awer trotzdem nach ëmmer d'Bierger, déi wielen, an net d'Zivilgesellschaft!

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. Här Spautz.

M. Marc Spautz (CSV) | Jo, ech wëll och soen, dass et fir d'CSV-Fraktioun kloer ass, dass mer dee Projet hei vun där Resolutioun wäerte matdroen. De Premier-minister huet et virdu nach eng Kéier ënnerstrach, wéi vill mer alles an d'Entwécklungshëllef an an déi Organisatiounen ginn. Et ass och gëschter nach eng Kéier am Budget ënnerstrach ginn. An deemno wéi mer géife rechnen, géife mer och wäit iwwert déi 1 % erauskommen. Et ass dat, wat mer jo als Lëtzebuerg net wëllen, mee mir wëllen déi Éischt an deem Peloton bleiwen, virbäi bleiwen. An dofir stëmmen mir där heiter Resolutioun selbstverständlech zou.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Spautz. Ech gesinn elo keng weider Wuertmeldung méi.

A souwäit ech héieren hunn, kënne mer dës Resolutioun à main levée ofstëmmen.

Vote sur la résolution 2

Wann Der d'accord sidd, da géing ech Iech bidden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Déi, déi domat d'accord sinn.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Dat ass net de Fall.

Dann ass dës Resolutioun also à l'unanimité ugeholl.

Domat hätte mer dann de Sujet ofgeschloss a mir géingen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour kommen.

19.8321 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1992 portant création de l'entreprise des postes et télécommunications

An den nächste Punkt vum Ordre du jour vun haut de Mëtten ass de Projet de loi 8321, deen den Accord tëschent dem Minister fir d'Fonction publique an der Bréifdréieschgewerkschaft ëmsetzt. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno folgendermoossen: 10 Minutte fir de Rapporteur, 5 Minutte fir all Fraktioun a Sensibilitéit, 10 Minutte fir d'Regierung. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Maurice Bauer, den Här Gusty Graas, den Här Yves Cruchten, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Djuna Bernard an den Här David Wagner. Den Här Maurice Bauer als Rapporteur huet elo d'Wuert. Här Bauer.

Rapport de la Commission de la Fonction publique

M. Maurice Bauer (CSV), rapporteur | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer haut eng grouss Eier, Iech de Projet de loi 8321 iwwert d'Modifikatioun vum Gesetz vum 10. August 1992 betreffend d'Kreatioun vun der POST Lëtzebuerg elo als Rapporteur ze presentéieren, e Projet, deen nach vun der viregter Regierung de 5. Oktober 2023 an der Chamber hannerluecht ginn ass.

Et geet an deemem Projet de loi ëm d'Ëmsetzung vum Accord, deen de 16. Juni 2023 tëscht dem Minister vun der Fonction publique an der Bréifdréieschgewerkschaft ënnerschriwwen gouf. Et geet ëm d'Valorisation vun eise Bréifdréier. Dësen Accord gesäit engersäits eng Erhéijung vun 12 Punkte vun der Risikoprämie, enger sougenannter Prime de grand risque, vun där d'Staatsbeamten am Grupp D2 profitéieren, vun 10 op elo 22 Punkten an anerersäits eng

Erhéijung vun 12 Punkte vun der Prime pour sujétions particulières, vun deene Staatsemployéen am Grupp D1 profitéieren, déi allegueren als Bréifdréier bei der POST schaffen, vun 12 op elo 24 Punkte vir.

Andeems mir dës Primmen an hir Bestëmmungen an en neien Artikel an der Loi organique vum 10. August 1992 iwwert POST Lëtzebuerg integréieren, gëtt d'Base légale vun dësen zwou Primmen och méi transparent gemaach. Dës Punkterhéijung wäert, esou wéi et am Accord mat der Bréifdréieschgewerkschaft ofgemaach ass, réckwierkend Effet kréien op den 1. Mäerz 2024.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer och nach, kuerz op d'Avis vum Staatsrot a vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics anzegoen. A sengem Avis vum 23. Abrëll 2024 suggeréiert de Staatsrot, de Begrëff „métier“ net am Text ze benotzen, well dëse Begrëff a kenger Gesetzgebung benotzt gëtt an der Fonction publique, a proposéiert dofir eng nei Formulatioun, andeems de Saz „les fonctionnaires de l'État du groupe de traitement D2 exerçant le métier de facteur“ ersat gëtt duerch „les fonctionnaires de l'État du groupe de traitement D2, sous-groupe à attributions particulières, exerçant les fonctions de facteur“.

D'Kommissioun vun der Fonction publique huet decidéiert, dës Proposition vum Staatsrot ze iwwerhuelen.

De Staatsrot ënnersträicht doniewent déi ënnerschiddlech Behandlung tëscht Staatsbeamten an dem Groupe de traitement D2 a Staatsemployéen an dem Groupe de traitement D1, wat d'Primmen ueget, a proposéiert, vun dëser Modifikatioun ze profitéieren, fir déi zwéi Regimenter ze alignéieren, wat awer de Kader vun deemem Gesetzesprojet, nämlech den Accord, deen de 16. Juni 2023 tëscht dem Minister vun der Fonction publique an der Bréifdréieschgewerkschaft ënnerschriwwen gouf, ëmzesetzen, wäit géif depasséieren.

An hirem Avis vum 18. Juni 2024 konzentréiert sech d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics esou wéi de Staatsrot op de Begrëff vum „métier“ a fënnt dee proposéierten Text net ganz kloer, wie vun dësen neie Bestëmmungen profitéiere kann.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics mengt och, dass et gutt wier, d'Prim fir d'Staatsbeamten an der Grupp D2 an d'Staatsemployéen an der Grupp D1 ze harmoniséieren an dës Prim ofhängeg vun den Aufgaben a Missiounen ze maachen.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics mécht genaous wéi de Staatsrot och op d'Inzidenzen opmierksam, déi de Gesetzesprojet 8040 iwwert d'Harmoniséierung vun den ënneschte Karriäre beim Staat, deen awer nach ëmmer an der Instruktioun an dofir nach net gestëmmt ass, op dësen Text kéint hunn.

Schlussendlech hieft d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics nach den Aspect pensionnable vun de Primmen ervir, mee hei ass d'Chamberskommissioun informéiert ginn, dass déi bis elo net pensionnabel ausbezuelt ginn.

Zum Schluss nach kuerz zur Prozedur. De Gesetzesprojet gouf de 24. November 2023 un d'Commission de la Fonction publique verwisen. De 27. Mäerz 2024 war eng Reunioun tëscht dem Staatsrot an enger Delegatioun vum Ministère de la Fonction publique. Den 23. Abrëll huet de Staatsrot säin Avis erausginn. D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics huet den 18. Juni hiren Avis gemaach. An d'Kommissioun vun der Fonction publique huet d'Presentatioun vum Gesetzesprojet an hirer Sëtzung den 19.

September 2024 kritt. An dëser selwechter Sëtzung huet d'Kommissioun vun der Fonction publique den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics souwéi den Avis vum Staatsrot analyséiert. Finalement huet d'Kommissioun vun der Fonction publique de 26. September 2024 de Projet de rapport ugeholl.

Fir all weider Detailer verweisen ech op de schrëftleche Rapport.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech elo scho Merci fir Är Opmierksamkeet an ech erlabe mer heimadder, den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi ze ginn. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauer, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport.

An deem éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gusty Graas. Här Graas.

Discussion générale

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Effektiv, dëse Projet de loi, dee geet jo zréck op en Ofkommen, dat de fréiere Minister vun der Fonction publique, den Här Marc Hansen, mat der Bréifdréieschgewerkschaft ënnerschriwwen hat. Et ass also evident, datt mir och haut nach hannert deem Projet de loi stinn.

Ech wollt zwar an deem ganze Kontext och nach eng Kéier op dat ganz wichtegt Gesetz iwwert d'Harmoniséierung vun den ënneschte Karriären hiweisen, dat jo nach ëmmer ënnerwee ass. Inwiefern dat vläicht kéint ... Ech mengen, de Rapporteur, bon, et däerf een em zwar nëmme Merci soen, mee ech soen awer, en huet e gudden Rapport gemaach. Mee inwiefern dat vläicht awer kéint en Impakt op dëst Gesetz hunn, dat musse mer da gesinn.

Op alle Fall, wéi gesot, sti mir awer hannert deem Gesetz a wäerten et och stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Mme Simone Beissel (DP) | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Graas. Den Här Yves Cruchten huet d'Wuert gefrot.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Villmools merci, Här President. Den Här Bauer war esou explizit a sengen Ausféierungen, dass ech net méi vill drop anzogee brauch a kloer soe kann, dass mer selbstverständlech dee Projet do wäerten ënnerstëtzen.

Ech géif mer erlaben, zwee Wuert ze soen, nämlech iwwert d'Aarbecht vum Bréifdréier. An déi ass warscheinlech méi villsäiteg a méi komplex wéi der vill mengen. An dobäi kënnt, datt an Zäite wéi haut, wou déi allermeeschten Déngschtleeschungen digital ofgewéckelt ginn, an Zäiten, wou Guicheten um Land zougemaach ginn, et fir vill Leit gutt ze wëssen ass, datt et awer eng Konstant gëtt, nämlech datt all Wochendag pënktelech de Bréifdréier oder d'Bréifdréierin laanschtkënnt. De Bréifdréier erfëllt hei eng wichteg Roll beim gesellschaftlechen Zesummenhalt, besonnesch bei Leit, déi aleng liewen, oder bei deene mat wéinege soziale Kontakter. An dat gehéiert och eng Kéier an dësem Kader gesot.

Ech géif och gäre vun der Geleeënheet profitéieren, wou mer dat heite Gesetz stëmmen, fir de Minister ze froen ... E weess jo, dat hu mer allegueren och an der Press gelies, dass d'Bréifdréier sech vis-à-vis vun anere vergläichbare Karriären an der Fonction publique benodelegt fillen an den Ament géint de Staat kloen. Dee Litige besteet net eréischt zënter gëschter, dee besteet scho méi laang an dee war och Bestanddeel vun deene Verhandlungen, wou

och dat heiten diskutéiert gouf. An dofir wollt ech de Minister froen: Wéi gesäit hien de Bréifdréier hiert Uleies? Sidd Dir der Meenung, Här Minister, datt hiert Uleies berechtigt ass? An hutt Dir entre-temps mat der Bréifdréieschgewerkschaft iwwer hiert Uleies an deem dote Fall geschwat?

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Cruchten. An dann ass d'Wuert fir d'Madamm Alexandra Schoos. Madamm Schoos.

Mme Alexandra Schoos (ADR) | Jo, och ech hale mech kuerz.

Natierlech gëtt d'ADR-Fraktioun och e positiven Avis fir dee Projet de loi. Hei just eeben, wéi mer lo schonn e puermol héieren hu vun de Virriedner, mat deem kleng Bemoll, dass d'Karriären nach ëmmer net alignéiert sinn, a mer freeën eis a si gespaant, wa mer deem nächste Projet de loi, den 8040, héieren, wou mer da méi eng Harmonisatioun vun de Karriäre beim Staat solle kréien.

Villmools merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Schoos. Madamm Djuna Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Jo, ech maachen et ganz kuerz an ech ginn heimadder den Accord vun deene Gréngen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här David Wagner.

M. David Wagner (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Mir wäerte selbstverständlech dee Projet de loi och matstëmme, well et eeben och eng Ëmsetzung ass vun engem Accord salarial. Allerdéngs – an dat ass jo och déi Diskussioun, déi mer haten – si mer der Meenung, datt d'Regierung eeben och hätt op déi Remarque vun der Chambre de la Fonction publique zréckkomme kënnen, well déi awer jo eng Partie Saache proposéiert.

Engersäits eeben, datt een déi Primmen harmoniséiert an datt een déi Primmen u sech net vum Statutt ofhängeg mécht, ob et den éffentleche Statutt ass oder de private Statutt, mee vun der Funktioun. Dat wier déi eng Saach. An dat anert, dat ass eeben och, datt déi Primm fir déi Agenten, déi am private Statutt sinn, och pensionnabel soll ginn.

Den Här Rapporteur huet gesot, datt mir an der Kommissioun gesot kritt hunn, datt dat net méiglech wier, well dat bis elo net sou praktikéiert gi wier. Dat ass a mengen Ae kéint Äntwert. Et ass net, well et bis elo net praktikéiert gott, dass et net méiglech ass.

An et kann een natierlech soen: „Dat si Fuerderungen, déi de Kader sprengt vum Accord“, mee ech ginn dovunner aus, datt d'Gewerkschaften an iwwerhaupt all déi Leit, ob Fonctionnaire oder Netfonctionnaire, déi fir d'Post schaffen, net iwwerméisseg rose mat der Regierung wieren, wa se u sech nach de Kader no uewe géif sprengen, dat heescht u sech den Accord nach méi interessant géif maache fir all déi Leit, déi do schaffen. Ech mengen, domadder wiert Der net op gréisser Resistenz gestouss. An dat hätt och d'Regierung kënnen maachen. Op jiddwer Fall hätte mir dat esou gemaach.

A warscheinlech hätt d'Chambre des Fonctionnaires mol net missen dorobber opmierksam maachen, well mer dat schonn am initiale Projet de loi sou geschriwwen hätten, well, jo, an dat gouf och schonn zu Recht vum Här Cruchten gesot, et misst een e bësse méi oft schwätzen – an handelen – iwwert de Beruff vum Bréifdréier, iwwert de Statutt vun der Post, iwwert d'Aarbechtskonditiounen vun all deene Leit, déi do

schaffen. De Beruff ass net méi einfach ginn. D'Liberaliséierung huet näischt bruecht, huet et net besser gemaach. Au contraire, d'Aarbechtskonditiounen hu sech verschlechtert. An do muss onbedéngt och nach agéiert ginn.

An ech ralliéiere mech dem Här Cruchten, wat d'Fro ugeet un den Här Minister. An ech mengen, mir wäerten nach méi Diskussiounen musse féieren iwwert d'Amélioratioun vun der Aarbecht vun den Agente vun der Post.

Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Wagner.

Dann ass d'Wuert fir d'Regierung. Här Wilmes.

Prise de position du Gouvernement

M. Serge Wilmes, Ministre de la Fonction publique | Merci villmools, Här President. Och merci den Deputéierten, merci dem Rapporteur fir säi Rapport. En huet ganz detailléiert duergeluecht, ëm wat et hei geet. Mir maachen eng fidèle Transpositioun an d'Gesetz vun engem Accord, deem d'lescht Joer nach tëschent mengem Virgänger an der Bréifdréieschgewerkschaft ausgemaach ginn ass.

A selbstverständlech ass och dës Regierung oppen, fir all Dialog ze féiere mat Gewerkschaften. Mir kennen eis ganz kloer zum Sozialdialog. An och mat der Bréifdréieschgewerkschaft wäerte mer natierlech Diskussiounen féieren. Et ass bis elo nach net zustane komm, et ass bis elo nach kee Rendez-vous ausgemaach ginn, mee dat soll awer net heeschen, datt mer dat net wäerte maachen.

Bon, Fakt ass, datt elo e Recours virun dem Tribunal administratif leeft. Do mësche mer eis natierlech net an. Da loosse mer dat emol sou lafen. Dat ass jo och hiert gutt Recht an eise Rechtsstaat, fir dorop kënnen zréckzegräifen. Mee nach eng Kéier: Mir kennen eis zum Sozialdialog mat all de Gewerkschaften an do wäerte mer och mat der Bréifdréieschgewerkschaft wëlle schwätzen.

Zu Ärer Remark, Här Cruchten, wou ech ganz gutt fannen, och perséinlech, datt Der dat eng Kéier hei ervirgehuewen hutt, wéi wichteg och dee Beruff ass: All Beruffer an eiser Gesellschaft hunn hir Plus-value a selbstverständlech och dee vun de Bréifdréierinnen a Bréifdréier. Deen huet sech vill gewandelt. Et ass net méi dee selwechten, deem et eng Kéier an der Zäit war, mee si assuréieren nach ëmmer effektiv de Service universel an domadder och eng wichteg sozial Komponent, wou et ganz richtig ass, datt Der dorobber higewisen hutt. Dat éiert Iech. An ech mengen och, datt mir als Regierung dat och esou gesinn an dat och esou unerkennen.

Herno sinn natierlech Diskussiounen ze féieren iwwer eng Entreprise, déi en Établissement public ass, wou natierlech net reng nëmme méi an engem Statut public rekrutéiert gëtt, mee haaptsächlech aus dem Statut privé. Fir dee Volet Statut public musse mir natierlech ëmmer dat grousst Ganzt am A behalen. D'Fonction publique ass eppes, wat vast ass. Se huet eeben och ganz vill verschidde Karriären. An do muss een ëmmer kucken, eng gewësse Kohärenz doranner ze behalen, wat mir mussen am A behalen. Mee natierlech ass et ëmmer legitim, fir Revendicatiounen ze stellen. Da muss ee kucken, awéieren mer dat an dat grousst Ganzt do erakréie kënnen, awer och déi Kohärenz an engens behale par rapport zu anere Revendicatiounen, déi och kéinte gestallt ginn.

Mee mir sinn awer oppen dofir, déi Diskussioun zur Harmoniséierung vun den ënneschte Karriären ze féieren, déi jo ënnert der viregter Regierung ugaangen ass a wou mer elo eigentlech an enger finaler Phas

sinn. Mir waarden op den Avis vum Staatsrot. An ech weess, datt eeben och ganz vill Staatsbeamtinnen a Staatsbeamten, Agentinnen an Agenten beim Staat, déi an deene Karriäre sinn, den ënneschte Karriären, drop waarden, datt déi Harmoniséierung endlech duerchgeet. Mir all ... Dir hei, virun allem d'Chamber wëllt gären, datt dee Gesetzesprojet hei ka gestëmmt ginn. Mir als Regierung natierlech och. A wéi gesot, mir waarden op deen Avis do.

A wat huet et fir eng Konsequenz? Bon, mir wäerte jo do net méi déi selwecht Opdeelung vu Karriären hunn. Et wäerten der manner sinn. Et wäerten der aneschtens genannt ginn an et wäert natierlech och fir d'Bréifdréier sou kommen, datt och do déi Karriären aneschtens wäerte genannt ginn an dann eeben och dee Moment aneschtens wäerte libelléiert ginn, mat all deene Konsequenzen, déi dat fir si huet. Mee si wäerte selbstverständlech Deel dovunner sinn. An zukünftigen Diskussiounen wäerte mer eis, wéi gesot, och stellen, fir ze kucken, wéi mer déi Aarbechtskonditiounen fir deen Deel, wou mir zoustänneg sinn, an déi ënnert dem Statut public sinn, nach verbessere kënnen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8321. Den Text steet am Document parlementaire 8321³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8321 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

Ech hunn elo hei e Resultat stoen, dat ech léiwer net soen. Ech hunn 61 Jo-Stëmmen ...

(Hilarité)

... op mengem Ecran stoen. Ech ginn dovunner aus, datt dat der 60 sinn. Da mussen mer d'Informatik eng Kéier checken. Dëse Projet de loi ass also à l'unanimité uegoholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charel Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par Mme Stéphanie Weydert) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Barbara Agostino) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par M. Yves Cruchten), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic (par Mme Djuna Bernard), Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

20. Dépôt d'une résolution par Mme Sam Tanson

Dann hunn ech nach d'Fro gestallt kritt, ob et méiglech wär, eng Resolutioun ze deposéieren. Dat ass selbstverständlech méiglech. An ech ginn der Madamm Sam Tanson d'Wuert.

Exposé

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | Jo, merci, Här President. Ech wollt Är Zäit beanspruchen, fir awer e ganz wichtige Punkt, an dat ass dee vun eiser Nationaler Mënscherechtskommissioun, heibannen eng Kéier kuerz ze diskutéieren.

Dir hutt vläit matkritt, dass an der leschter Zäit do vun engem Deputéierten aus der Oppositioun massiv Kritik koumen, déi awer relativ zolidd waren. Et war rieds dovun gaangen, d'Presidentin vun der Mënscherechtskommissioun wär eng Feindin vun der Demokratie. Et géng e politesche Putsch gemaach ginn. Et wieren DDR-Methoden. Et géinge Lige verbreet ginn. An et gëtt gesot: „Mir brauche keng esou eng ...“

M. Tom Weidig (ADR) | Ech hunn dat net gesot.

Une voix | Dir hutt et geschriwwen.

(Hilarité)

M. Sven Clement (Piraten) | Wéinstens ass elo kloer, wéi een Deputéierte viséiert ass.

(Interruptions et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | D'Madamm Tanson huet d'Wuert ganz eleng! Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | An ...

M. Claude Wiseler, Président | Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert ganz eleng.

Mme Sam Tanson (déi gréng), auteure | ... et gouf geschriwwen: „Mir brauche keng esou eng Kommissioun!“

Mir haten de Moien den Didier Reynders hei, den europäesche Kommissär, deen zoustänneg ass fir den État de droit. Ech hat profitéiert dovun, well et steet nämlech a sengem Rapport en plus eng Recommandatioun, déi sech op eis Mënscherechtskommissioun bezitt. Dir wësst, dass mer driwwer diskutéieren, dass se och dee selwechte Statut soll kréie kënnen wéi den OKaju, wéi den Ombudsman, an der Chamber ënnerstallt ginn, fir hir Onofhängegkeet nach ze stäerken. A mir haten de Moien och eng Diskussioun doriwwer, wou ech dann och dat ugeschwat hat mam Didier Reynders, dee gesot huet, natierlech kéint een um Fong net d'accord si mat esou enger Kommissioun a sech kritesch mat den Avisen ausenansetzen, mee perséinlech Attacke wäeren awer vläicht net onbedéngt ubruecht.

Vu dass de Projet de loi 5882, deen deemools d'CCDH gegrënnt huet, hei unanime gestëmmt gouf, vu dass mer och déi Diskussiounen am Moment hunn a vu awer och den Attachement vu Lëtzebuerg zu de Mënscherechter – et ass den Artikel 2 vun eiser Verfassung, deen och nach eng Kéier ënnersträicht, dass eist Land fondéiert ass op de Prinzippe vum Rechtsstaat a vum Respekt vun de Mënscherechter –, vu dass déi Kommissioun eng extreem wichtige Roll an eisem Fonctionnement ze spillen huet, dass se och international unerkannt ass, wollt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir dass mir nach eng Kéier déi

fundamental a wichtige Roll vun dëser Kommissioun hei als Chamber zesumme soulignéieren, dass mer och eng Ënnerstëtzung ausschwatze fir d'Missiounen, d'Aktiounen vun der CCDH an och Vertrauen hunn an d'Expertise vun dëser Kommissioun, hir Onofhängegkeet an hir Integritéit bei hirer Aarbecht an dass mer och den Engagement continu an d'Kooperatioun tëscht der Chamber an der CCDH heimadder ënnersträichen. Duerfir deposéieren ech am Numm vun deene Gréngen dës Resolutioun.

Merci.

Résolution

« relative à la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH) »

La Chambre des Députés,

rappelle

– l'article 2 de la Constitution du Grand-Duché de Luxembourg qui stipule que le pays « est fondé sur les principes d'un État de droit et sur le respect des droits de l'homme » ;

– que la Commission consultative des droits de l'homme (CCDH) est un organe consultatif du Gouvernement ayant pour mission la promotion et la protection des droits humains au Grand-Duché de Luxembourg,

considérant

– que le projet de loi n° 5882 portant création de la CCDH a été voté à l'unanimité à la Chambre des Députés ;

– qu'au sein de la CCDH, les membres œuvrent dans un esprit d'ouverture, d'impartialité et de tolérance, avec l'objectif de contribuer de manière constructive et démocratique au dialogue culturel, social et politique ;

– sa résolution du 1^{er} avril 2021 relative à la poursuite des efforts en matière de défense des droits humains, y compris dans le cadre des relations entre le Luxembourg et la Chine, par laquelle la Chambre des Députés s'était engagée à poursuivre ses efforts en matière de la défense des droits humains,

réaffirme

– le rôle fondamental et indispensable que joue la CCDH dans la promotion, la protection et la défense des droits humains au Luxembourg ;

– son soutien aux actions menées par la CCDH et sa confiance dans l'expertise, l'indépendance, et l'intégrité de son travail ;

– l'importance d'un engagement continu et d'une coopération renforcée entre la Chambre des Députés et la CCDH pour faire face aux défis actuels et futurs en matière de droits humains.

(s.) Sam Tanson, Djuna Bernard, Joëlle Welfring.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. An da fuere mir mat eisem Ordre du jour weider a mir kucken, wéini mer déi Resolutioun elo hei zur Ofstëmmung brénge kënnen.

21. 8139 – Projet de loi portant création d'un Observatoire de l'égalité entre les genres et d'un Conseil supérieur à l'égalité entre les genres

Den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 8139 iwwert d'Schafe vum Observatoire de l'égalité entre les genres a vum Conseil supérieur à l'égalité entre les genres. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno huet d'Rapportrice 10 Minutten, déi verschidde Sensibilitäten a Fraktiounen hu 5 Minutten, d'Regierung huet 10